adr:

Nee Nee Nee

... seet de Picky

Dir wëllt Autocollanten oder Spéngele mam „Nee“ bestellen:

Mëllt Iech am Sekretariat op der Nummer 46 37 42

oder iwwert info@adr.lu

www.adr.lu

De Lëtzebuerger kritt näischt ewech geholl? Dach !

D‘Auslännerwalrecht ënnert de Konditiounen, wéi se am Referendum formuléiert sinn (10 Joer am Land wunnen an entweder bei enger Gemengen- oder Europawal matgemaach hunn), wär keng Revolutioun, mä just eng ganz kleng Ännerung, héiert een. Mä dat ass net wouer: Lëtzebuerg soll eppes afféiere, wat et an där Form a kengem anere vun deenen 200 Länner op der Welt besteet.

Béi de „Jo-Soerten“ heescht et och, d’Lëtzebuerger géingen näischt ewech geholl kréien. Och dëst stëmmt net. D‘Lëtzebuerger kréien d’Recht geholl, als Natioun eleng iwwer hier Zukunft, hiert Land an iwwer d’Regele vum Zesummeliewen ze decidéieren. Bei engem „Jo“ verléieren d‘Lëtzebuerger en zentralen Deel vun hirer Souveränitéit , an däerfen net méi eleng iwwert d‘Zesummesetzung vum der Chamber, dem nationalem Parlament, bestëmmen. E Recht, dat déi aner Natiounen op der Welt sech net huele loossen.

Weider gëtt gesot, d’Auslännerwalrecht wär nëmmen eng éischt Etapp. Dat stëmmt! D‘Konditiounen, wéi se an der Fro vum Referendum stinn, sinn an den Ae vun deenen, déi derfir sinn, vill ze vill restriktiv. D‘Restriktiounen, déi den Auslänner operluecht ginn, fir däerfe fir d‘Chamber ze wielen, wäerte lues a lues opgehuewe ginn. Do kéint dann d‘Residenzklausel vun 10 Joer erof geschrauft ginn. Duerno kéint d‘Konditioun ewech falen, datt se musse bei enger anerer Wal matgemaach hunn.

E logesche Schratt wär och, datt all déi, déi wielen däerfen och däerfe gewielt ginn (passiivt Walrecht). Dann däerfen déi auslännesch Matbierger och fir d’Chamber op d’Kandidatelëschten. Spéitstens da besteet de Risiko, datt d‘Politik net méi op Lëtzebuergesch gemaach gëtt an datt nees Franséisch an der Chamber a bei ëffentlechen Debatte geschwat gëtt.

Kréie mir näischt ewech geholl? Mam Auslännerwalrecht wier Lëtzebuerg net méi dat Land, dat sech déi meeschte Lëtzebuerger wënschen. Mir stëmme mat eisem „Nee“ géint keen, dofir awer fir eist Recht als eegestänneg Natioun an Europa kënne virun ze bestoen.

Joëlle Giannotte ép. Ostertag

ADR Parteisekretärin

Gebierteg Italienerin

„Ech si grouss gi mat der italienescher Kichen a virun allem mat deem Temperament. Et ass sécherlech mäin lerwen an ech wäert dëst och an Éieren halen. Well ech hei gebuer an hei an d’Schoul gaangen sinn, wollt ech Lëtzebuergerin ginn. E groussen Deel vu menger Famill wunnt hei. An ech hu bal mäi ganzt Liewen hei am Land verbruecht. Als Lëtzebuergerin hunn ech mech och scho fréi fir d’Politik interesséiert a sinn aktive Member an der ADR an an der ADRenalin.“

D‘ADR informéiert: all ons Versammlunge fänken um 19.30 Auer un.

3. Juni - Diddeleng
Taverne Mont-Saint-Jean
1, place Gymnich

4. Juni - Mäerzeg
Café Staminee (Ribeiro)
24, rue Principale

4. Juni - Conter
Conterstuff
2, rue de la Mairie